***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 06. Mee 2026 um 19h30 am Gemengenhaus zu Wëlwerwolz***

| | |
|---|---|
| Präsenzen: | Patrick Bormann, Maurice D'Incau, Jos Fischbach, Yves Kaiser, Paul Poncin, Christian Schmit |
| Ofgemellt: | Antoinette Lutgen-Lentz |

---

## 1. Projet Hausnimm

Beim Projet maachen ongeféier 115 Hausbesëtzer vun 217 eligibele Proprietäre mat. Verschidde Leit déi sech mëndlech gemellt haten, awer nach net bestallt hunn, ginn nach eng Kéier ugeschwat.
Enn Mee fänken den Yves an de Jos un d'Schëlder ze zeechnen, dass d'Bestellung am Laf vum Juni ka gemaach ginn. Am beste Fall sinn d'Schëlder fir Enn Juni fäerdeg.

## 2. Projet QR-Code

D'Demande fir e Subside vum Ekonomiesministere ze kréien, ass gemaach. Hei waarde mir op d'Änfert.
De Christian kuckt mam Daniel fir déi eenzel Linken ze erstellen.
Prioritär ginn déi Schëlder gemaach, wou et eng Erklärung dozou op sik.lu gëtt.

## 3. Visite Fond-de-Gras

D'Visitte fënnt Samsdes de 5. September statt. Mir fuere mat engem Bus vu Wëlwerwolz aus dohin. D'Gemeng iwwerhëlt d'Käste vum Bus.
Viraussiichtlich fänkt et dohanne mat enger Visite vum Fond-de-Gras un. Dono fuere mer en Tour mam Train 1900 a ginn dann eessen. Nom Eesse fuere mer zum Ofschloss vun der Visite mat der Minièresbunn.
All Participant muss 40€ bäileeën. Den Ausfluch ass op 50 Persoune begrenzt.
De Christian këmmert sech em d'Buchungen.
Den Yves mécht de Flyer deen an der Gemeng verdeelt gëtt.

## 4. Divers

- De Patrick ass gutt mat der Organisatioun vum Petanque-Tournoi viru komm. Mir hunn entscheet den Tournoi den 12. September vu 14h00 bis 18h00 ofzehalen. De Patrick mécht e Flyer a freet e Veräin fir d'Gedrénks an de Grill ze maachen.
- Déi nächst Kommissiounssëtzung ass viraussichtlich am Juli.

Äischer, den 8. Mee 2026

**Christian Schmit**
Präsident

**Jos Fischbach**
Sekretär